ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister, un d'Madamm Ëmweltministesch an un d'Madamm Banneministesch weiderzeleeden.

Déi zu Bierde geplangte Wandkraaftanalag suergt aktuell fir vill Opreegung an et schéngt, ewéi wann nach eng ganz Rei Froe net gekläert sinn. An deem Kontext ass mir och vu besuergte Bierger zougedroe ginn, datt d'Diskussioun ëm déi geplangte Wandkraaftanlag zu Bierden och riskéiert, e negativen Afloss op de geplangte Projet Nordstad ze hunn. Et ass dohier wichteg, d'Suerge vun de Bierger ganz eescht ze huelen. Och d'Sich no engem alternative Standuert fir dës Wandmille muss ee ganz eescht huelen. Bedauerlech ass och, datt weder d'Gemeng, nach d'Bierger vun Ufank un iwwert de Projet informéiert goufen. Si sinn eréischt Joren duerno viru quasi ofgeschlossen Tatsaache gestallt ginn.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Sinn déi zoustänneg Acteure fir de Bau vun enger Wandkraaftanlag net verflicht, d'Gemeng, esou bal eng Iwwerleeung zu engem Projet virleit, sou séier ewéi méiglech ze kontaktéieren?
2. Wa jo, firwat ass dat am uewe genannte Fall net geschitt?
3. Wann nee, gedenkt d'Regierung eng gesetzlech Prozedur virzegesinn, déi déi um Bau vun enger Wandkraaftanlag zoustänneg Acteuren dozou verflicht, vun Ufank un déi jeeweileg Gemengen aktiv mat ze involvéieren? Wéini kann ee mat der Ëmsetzung vun esou enger Prozedur rechnen?
4. An der Press konnt een noliesen, datt besuergt Bierger drop higewisen hunn, datt déi geplangte Wandkraaftanalg zu Bierden an der Nuecht 40 Dezibel ofgi géif, et wäre gesetzlech awer just 30 Dezibel erlaabt. Kann d'Regierung dës Informatioun confirméieren? Wa jo, misst dës Erkenntnis net dozou féieren, datt déi geplangte Wandkraaftanlag esou net kann opgeriicht ginn?
5. Gesäit d'Regierung net och eng Gefor, datt duerch déi geplangte Wandkraaftanlag zu Bierden de Präis vun den Immobilien u Wäert verléiere kéint? Wa jo, wéi gedenkt d'Regierung de betraffene Bierger an deem Punkt entgéintzekommen?
6. Gëtt als alternative Standuert fir déi geplangte Wandmillen zu Bierden och de Karelshaff a Betruecht gezunn, wou jo schonn eng Wandmille geplangt ass a wou – wéi et schéngt – manner potentiell schiedlech Aflëss op de Mënsch ze verzeechne wieren? Wann nee, firwat gëtt de Karelshaff net a Betruecht gezunn? Wat sinn déi genee Grënn heifir?

7. Geet Är Äntwert op d'parlamentaresch Fro (N°2590) vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Gusty Graas an déi Richtung, datt Dir d'Problematik vum Infraschall als négligeabel betruecht?
8. Ass sech d'Regierung der Gefor bewosst, datt duerch déi kontrovers Diskussioun ëm déi geplangte Wandanlaag zu Bierden de Projet Nordstad insgesamt op méi wackelege Been kéint stoen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742